



Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5863 vum 2. März 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Haislech Gewalt bleift eng aldeeglech Realitéit zu Lëtzebuerg, se betrëfft all gesellschaftlech Schichten an all d'Communautéiten déi bei eis am Land wunnen.

Dofir schafft de Ministère fir Gläichstellung tëscht Fraen a Männer (MEGA) zesumme mat eise sëllege Partner um Terrain fir souwuel den Affer, wéi och den Täter an hire Kanner déi Hëllef ze bidden déi si brauchen an déi hinnen zousteet.

Niewent dem Afferschutz, der Täteraarbecht, den d'Präventiouns- a Sensibiliséierungs- moosnamen ass d'Bereetstellung vun engem temporären Ënnerdaach fir Affer, souwuel fir Fraen awer och fir Männer, vun haislecher Gewalt en weideren essentielle Pilier vun der multidimensionaler Approche vum MEGA.

Nëmmen duerch eng professionell psychosozial Prise en Charge an d'Bereetstellung vun engem séchere Liewensraum, kënnen Affer vu Gewalt deen néidegen Ofstand kréie fir un engem néie „Projet de vie“ ze schaffen an sech eng Zukunftsperspektiv fir sech, an eventuell och hier Kanner, opzebauen.

Des Approche huet eng ganz kloer Zilsetzung: Fraen a Männer déi Gewalt erlieft hunn ze stäerken an hinne bei hiren administrativen Démarchen zur Säit ze stoe fir sie ob en autonomt Liewen ausserhalb vun eise Strukture virzebereeden.

An enker Ofstëmmung mat eise Gestionnairen huet de MEGA iwwert déi lescht Joren eng ganz breet Offer geschaaft fir Fraen an Ënnerdaach unzebidden. Niewent de classesche Fraenhaiser, wou Fraen niewent dem Logement och vun engem psychosozialen Encadrement an enger Ënnerstëtzung an hiren administrativen Démarche profitéieren, géréieren eis Gestionnaire sougenannte „Zweetphase Wunnengen“, déi Fraen no engem temporären Openthalt an engem Fraenhaus rëm en méi autonomt Liewen erméiglechen. D'Zilsetzung vun dëser Approche ass ganz kloer d'Fraen zeréck an en selbststännegt Liewen ze begleeden.

Fir méi präzis Zuelen par rapport zu der Unzuel vun de Better an der Prise en charge vun Affer vun häislecher Gewalt, verweisen ech op meng Äntwert op Question parlementaire n°5800.

Lëtzebuerg, de 21. Abrëll 2022

Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

(s.) Taina Bofferding